LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 4547 vum 28. Juli 2026 vum Här Deputéierte Michel Lemaire iwwer den Impact vun den héije summerlechen Temperaturen op den Eisebunnsreseau.**

***Kann d'Madamm Minister opléschten, zu wéi engen Aschränkungen an/oder Verspéidungen et an de leschte Wochen opgrond vun den héijen Temperature komm ass?***

D'CFL deelt mat : "d'Spannung an de Schinnen, déi duerch déi héich Temperaturen entstanen ass, huet zu enger méi grousser Zuel vu punktuelle Gleisverformunge gefouert wéi an den Joren virdrun. Dës Gleisverformungen hunn Ënnerbriechunge vum Zuchverkéier a temporär Vitessbegrenzunge néideg gemaach, mat méi oder manner grousse betriblechen Auswierkungen:

- 15/06/2026: Gleisofsackung op der Linn 1a Ettelbréck-Dikrech ⇒ cumuléiert Verspéidung vun zesummegeholl 4 Minutten (Gidderverkéier abegraff);
- 22/06/2026: Gleisverformung zu Bierchem um Pk 10.025 ⇒ cumuléiert Verspéidung vun zesummegeholl 3.143 Minutten (Gidderverkéier abegraff);
- 25/07/2026: Gleisverformung vum Gleis 7 zu Beetebuerg ⇒ cumuléiert Verspéidung vun zesummegeholl 304 Minutten (Gidderverkéier abegraff);
- 30/07/2026: Gleisverformung zu Péiteng tëscht de Weichen 252 an 247 ⇒ cumuléiert Verspéidung vun zesummegeholl 464 Minutten (Gidderverkéier abegraff);
- 31/07/2026: Gleisverformung zu Fenteng op der Linn 4 ⇒ cumuléiert Verspéidung vun zesummegeholl 250 Minutten (Gidderverkéier abegraff).

Zwou Stéierunge vun de Weichen (Onméiglechkeet fir d'Weiche ëmzeschalten), verursaacht duerch d'Ausdeenung vun Metallstécker, mat betriblechen Auswierkungen, sinn opgetrueden:

- 19/06/2026 ⇒ cumuléiert Verspéidung vun zesummegeholl 244 Minutten (Gidderverkéier abegraff);
- 02/07/2026 ⇒ cumuléiert Verspéidung vun zesumegeholl 319 Minutten (Gidderverkéier abegraff).

Den 01/07/2026 war zu Bieles-Zolwer eng Schwell a Brand geroden ⇒ cumuléiert Verspéidung vun zesummegeholl 184 Minutten (Gidderverkéier abegraff).

Doriwwer eraus gouf Samschdes, de 27/06/2026,vun 12:00 bis 20:00 Auer, op dem gesamten nationale Reseau eng Vitessbegrenzung vun 80 km/h fir all Zich agefouert, wéinst der Intensitéit vun den héijen Temperaturen an hiren Auswierkungen op d'Infrastruktur (d'Temperatur vun de Schinnen hat den Dag virdrun en aussergewéinlech héijen Niveau erreecht, an identesch Temperature waren och fir dee betreffenden Dag ugekënnegt ginn). Déi betriblech Auswierkunge vun dëser allgemenger Vitessbegrenzung hunn sech a Grenze gehal.

Wat d'Rullmaterial ugeet, si wärend der Period (Juni a Juli 2026) insgesamt 51 220 Zich gefuer. Wärend der genannter Period Juni a Juli haten 8 Zich mat Ausfäll vu Klimaanlagen op Grond vun den héijen Temperaturen ze dinn. "

| Date | Nombre trains avec défaut climatiseur | Trains supprimés | Minutes de retard | Trains circulés |
|---|---|---|---|---|
| 18-juin | 2 | 4 | 80 | 961 |
| 21-juin | 1 | 4 | 0 | 468 |
| 22-juin | 1 | 0 | 30 | 910 |
| 24-juin | 1 | 2 | 0 | 933 |
| 25-juin | 1 | 2 | 80 | 913 |
| 27-juin | 1 | 2 | 5 | 594 |
| 14-juil | 1 | 3 | 2 | 594 |

***Wéi eng Erfarungen an Erkenntnisser a punkto Kontroll, Ënnerhalt asw. goufen am Bezuch op déi héich Temperature fir dat nationaalt Eisebunnsnetz zeréckbehalen?***

"D'CFL preparéiert hir Gefierer fir déi waarm Saison (Wartungstufe "Sommervorbereitung"). De Fonctionnement vun de Klimaanlage gëtt wärend der Periode "à forte chaleur" liicht adaptéiert fir se op deem Wee ze schounen a virun Ausfäll ze schützen. D'Personal vun der Equipe Klimaanlag schafft wärend der Periode "à forte chaleur" aner Schichte fir sécherzestellen, datt si am Fall vu Stéierunge vu Klimaanlage méi disponibel sinn. Zousätzlech huet d'CFL Projeten um Lafen fir hir Gefierer méi robust géint déi héich Temperaturen ze maachen. Dës Mesure feieren derzou datt d'Gefierer vun der CFL méi fiabel bei héijen Temperature sinn.

Am Beräich vun der Infrastruktur si follgend Erfarungen an Erkenntnisser zeréckbehale ginn:

Gleiser:

- De Gestionnaire vun der Infrastruktur gesäit vir, Critèrë festzeleeën, fir bei extremer Hëtzt eng Vitessbegrenzung auszeléisen (Reduktioun vum Risiko vu Gleisverformungen a vum Risiko vun de Konsequenzen am Fall vun enger Gleisverformung).
- Erhéijung vun der Dicht vun den Temperatursensoren op de Schinnen déi eng Hëllef solle sinn fir Decisioun ze huelen.

Projet fir eng fräi Sträif vun 3 Meter hannert de Poteaue vun de Catenairen ze schafen an d'Definitioun vun engem standardiséierte Vegetatiounsprofil op dem gesamte Reseau a Concertatioun mat der Naturverwaltung (ANF), fir de Risiko vu Vegetatiounsbränn laanscht d'Gleiser ze limitéieren.

Et ass eng Etüd mam Fournisseur vun de Stellwierker vun der Linn 1 amgaang, fir d'Resilienz vun de Stellwierker géintiwwer héijen Temperaturen ze erhéijen, fir Ausfäll vum elektronesche Material ze vermeiden.

De Gestionnaire vun der Infrastruktur steet och am reegelméissege Kontakt mat de verschiddenen europäeschen Infrastrukturbedreiwer, fir hir Erfarungswäerter ze sammelen an iwwer geplangt Ännerungen un den technesche Reglementer informéiert ze ginn.

Follgend Mesür fir de Risiko vu Gleisverformungen ze reduzéieren, kéint och jee no Entwécklung vun der Frequenz an der Intensitéit vun extremen Episoden a Betruecht gezu ginn:

- Erhéijung vun der Temperatur fir d'Libératioun (neutraliséierend Temperatur) vun de laang geschweesste Schinnen, fir den Drock an de Schinnen bei héijen Temperaturen ze reduzéieren."

Lëtzebuerg, den 17. September 2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES